Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Grupp Jang de Blannen Belair
http://belair.lgs.lu

# Réckbléck 2015

*De Joëresrapport vun de Belairer Guiden a Scouten - Dezember 2015*



**Léiw Guiden a Scouten, Léiw Elteren,**
**Léiw Frënn, Léiw Ancienen,**

No eisem voll bepaackene Jubiläumsjoer 2014, si mer 2015 rem bësse mei zur Rou komm. Et kann een allerdengs net behapten, dass mer eis ausgreout hätten!
Nodeems den aale Comité vum Quartiersfest opgeléist gouf, hu mir zesumme mat eiser Asbl décidéiert d'Organisatioun vum Summerfest z'iwwerhuelen an daat mat der tatkräfteger Ënnerstëtzung vu ville Bénévolen aus dem Quartier. Duerch e puer Neierungen an exellentem Wieder war d'Fest e vollen Erfoleg a wärt och am Joer 2016 erem stattfannen. Réservéiert iech elo schons de Samsten 9. Juli!

D'Hierschtfest op deem mir dest Joer mat zwou Aktiviteiten dabei waren ass och net ze vergiessen. Eis CaraPio déi sech em den Floumaart gekëmmert hun, an eis AvEx déi leckeren Viz mat den Äppel aus dem St. Jean gepresst hun.
Fir 2016 wärten mir keen Floumaart mei organiséieren, dofir wärten mir eis Vizaktivitéit ausbauen a wahrscheinlech och pasteuriséierte Viz ubidden a méi op d'Wënsch vun eise Jonken agoen.

Dei divers flott Aktivitéiten an Campen dei eis Wëllefcher, AvEx a CaraPio soss nach sou währendd dem läschte Joer enerholl hunn fannt dir op deene nächste Seiten.

Vill Spaass bäi der Lecture vun eisem Réckbléck!

D'Gruppechef: Charel Fischbach, Sophie Hamelle, Jang Fischbach

## RACLETTE à volonté

**SA 30.01.16 12h-16h am St. Jean**

De Scoutsgrupp vum Belair invitéiert all seng Memberen an hier Familljen, Frënn an Anciens op eng gemitlech Raclette! Umeldung erwënscht: **fbenoy@me.com**



# Aktivitéitsrapportën

## D'WËLLEFCHER

D´Wëllefcher hunn 2015 neess e ganzt flott Joer zesummen verbruecht. Niewend villen aktionsräichen Aktivitéiten, hate mir flott Weekender, wéi den zu Mamer, wou mer eis zesummen de Sciences gewidmet a vill interessant Experimenter gemaach hunn.



Eisen traditionelle Summercamp gouf dëst Joer op den Hierscht verluecht. Mir sinn all zesummen op d´Neihaischen gefuer an hunn, ënnert dem Thema Halloween, eng super Woch verbruecht.



Niewt schnëtzen, Feier man an aaneren Aktivitéiten am Bësch, stung och en Hexebal um Programm.



Leider hunn dëst Joer eng grouss Unzuel vu Kanner eis verlooss, fir d´ Montée an d´Avex ze maachen, sou dass eise grousse Grupp op e klengen iwwersiichtlechen zreckgaangen ass. Glécklecherweis, konnte mer awer e puer nei Wëllefcher an eisem Ruddel begréissen.



Als Ofschloss vun eisem super Joer 2015, hunn mir eis et net huelen gelooss, mat eise Kanner wéi all Joer op d´Kockelscheier ze fueren, an en schéine Nomëtteg op der Schlittschongpiste ze verbréngen.



Mir kënnen op e wonnerbaart Joer 2015 zreckkukken, a freeën eis op en spannend Joer 2016.

## D'AVEX

(Aventuren an Explorer)



Fir d'AvEx vum Belair huet daat 2. Trimester gudd ugefaang matt enger gudder 6. Plaatz um Absurdcup , engem nationalen Tournoi un deem d' AvEx Branchen vun all de Gruppen aus dem ganzen Land deelhuelen. Als Belounung fir hir haart erkämpften 6. Plaatz guff et en Kompass an Iessgeschier fir op den Camp.



Am Laaf vum 3. Trimester kruuten eis AvEx alles beibruecht waat een als jonken Explorer ze kennen huet: Knied maachen, Feier maachen, Konstruktiounen bauen an souguer Holzhacken stoung eemol während der Versammlung um Programm.

Kaum haat d'Summervakanz ugefaang, schon goung et op de Camp, an zwar dest Joer op den Haarlem Jamborette an Holland,15km niewt Amsterdam. Den eischten Daag huet ugefaangen matt engem schreckleche Stuerm, deem stärkste Stuerm deen et an den läschten 60 Joer an Holland ginn huet.



Mee bessi Waasser huet eis Scouten nach nie opgehaal an sou guffen enner Recordtempo Zelter opgebaut. Deen nächsten Daag guff eis dunn annonceiert, dass keen Holz fier den Belair beisäit geluecht ginn ass, mee wei mer all wessen mecht Nout erfindeeresch an soumatt haaten mer dei eischt puer Deeg eng souzesoen ganz rustikal Campplaatz bestoend aus enger Plaan dei zweschen den Beem gespaant war an en puer decken Beemstämm.



Eis AvEx hunn sech als richteg Scouten bewisen dei ouni Luxus ganz gudd auskommen. Desweideren haat een um Camp deeglech flott Aktivitéiten, eng grouss Olympiad, en

Ausfluch op Amsterdam an d'Schwemm an zu gudder läscht en groussen Hike iwer 34 km deen eis Avex ouni gréisser Verloschter(auuser vun den Nerven) iwwerstaanen hunn.

Säit dësem Joer hunn d AvEx sou en groussen Grupp wei schon laang neméi an dei ganz Chefequipe freet sech op en flott an aktivt Joer 2016.

## D'CARAPIO
### (Caravellen a Pionéier)



Am Joër 2015 huet eis CaraPio-ekipp erem esou munch flott Aktivitéiten oop d'Bee gestallt an dobäi allerlee erlieft.

Am Fréijoer hu mir  e Week-end zu Réiser gemaach, wou mir enner anerem e grousst Bowling-Turnéier organiséiert hunn. Och e grousse Rallye an e spannend Nuetsspill woren un Programm.



Am Juli wore mir op de Summercamp, fir all CaraPio den Highlight vum Scoutsjoer. Dës Kéier hu mir ënnert Form vun engem Camp-volant en Tuer duerch d'Letzebuerger Land gemaach. Zu Fouss, mam Bus oder Zuch si mir vun enger Etapp op di nächst komm.



Eise Wee huet eis duerch sélleche kleng Dierfer gefouert, wou mir zum Beispill bei Baueren an der Scheier iwwernuecht hunn. Mir hun awer och eng Nuecht zu Berduerf an enger Höhl geschloof, waat fir jiddereen e ganzt spannend Erliefnis war.

Am Hierscht hu mir nierwt eisem traditionelle Bazar och nach um Montéesweek-end vun eisem Grupp deelgeholl. Deen huet dëst Joër zu Dikrech stattfonnt.

Dëst Joër krute mir och de Jang Fischbach als neie Chef bäi!
Mir freeën eis, zesummen an dat nächst Scoutsjoer eranzestarten!











## Kalenner

| | |
|---|---|
| 30.01.2016 | Raclette & AG Frënn LGS B. |
| 26.03.2016 | Ouschterwäin Belair Kierch |
| 28.05.2016 | Stand Marathon Bel. Kierch |
| 22.06.2016 | Fakelzuch |
| Summer 2016 | Camp Wëllefcher |
| Summer 2016 | Camp AvEx |
| Summer 2016 | Camp CaraPio |

# DON

Duerch Är generéis Ennerstëtzung kann de Grupp vill flott Aktivitéiten ubidden. Mir freeën eis iwwert all Don:

LU44 1111 1367 8515 0000

vun den

« Frënn vun den LGS Belair ».

## Eis aktuell Chefekipp

### Gruppechefekipp

Charel Fischbach
Jang Fischbach
Sophie Hamelle

### Trésorier

Charel Benoy

### Wëllefcher

Marie Lippert
Sophie Niederkorn
Marie Castel
Pierre Kinsch
Claire Krack
Florian Centurione

### AvEx

Sunny Kimari
Tom Reding
Eugenia Martines
Julien Kinsch

### CaraPio

Sophie Hamelle
Jang Fischbach



Belairer Summerfest 2015

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Grupp Jang de Blannen Belair
Centre sociétaire St. Jean, 110, avenue Gaston Diderich, L-1420 Lëtzebuerg
grupp@belair.lgs.lu - http://belair.lgs.lu